



*Demande de pétition publique n°423 - Retrait des plans directeurs sectoriels soumis à enquête publique en juin 2014, afin de permettre une réelle participation citoyenne*

Dépôt: 14.08.2014 par M. Georges Krieger

*Demande de pétition publique n°424 - Information des remboursements des frais de santé*

Dépôt: 29.08.2014 par Mme Judicaële Bodet

*Demande de pétition publique n°425 pour la légalisation du cannabis suivant le modèle néerlandais*

Dépôt: 30.08.2014 par M. Charles Muller

*Demande de pétition publique n°426 - Hydraulic Fracturing (Fracking, Schiefergasabbau)*

Dépôt: 30.08.2014 par M. Mike Diedenhofen

*Demande de pétition publique n°427 - Taxations et impositions sur prime de juin et 13<sup>e</sup> mois*

Dépôt: 02.09.2014 par M. Fabio Taddei

*Demande de pétition publique n°428 - Plus de parkings aux abords des gares*

Dépôt: 09.09.2014 par M. Gaetan Fagnart

*Demande de pétition publique n°429 - Summer- a Winterzäit*

Dépôt: 13.09.2014 par M. Carlo Bretz

*Pétition n°430 - Pétition contre l'Église de Moutfort*

Dépôt: 10.09.2014 par M. Andrea De Cillia

*Pétition n°431 - L'imposition des personnes physiques et le respect de la Convention européenne des droits de l'Homme*

Dépôt: 12.08.2014 par M. Georg Krulik

*Demande de pétition publique n°432 - Abolition de l'obligation de vote et remplacement dans la loi électorale par la mention du droit de vote*

Dépôt: 14.09.2014 par M. Jean-Pol Braquet

*Demande de pétition publique n°433 - Den Hader-Tuerm muss stoe bleiwen*

Dépôt: 15.09.2014 par M. Franky Gilbertz

*Demande de pétition publique n°434 - Steuerlech Erlicherung fir «Familles monoparentales»*

Dépôt: 15.09.2014 par M. Jean Heuschling

*Demande de pétition publique n°435 - Dossier de Hellange - Rond-point de Hellange (A13 vers la Sarre) - Une catastrophe*

Dépôt: 17.09.2014 par M. Christian Steiner

*Demande de pétition publique n°436 - Abgabenordnung no more, Pétition pour la réforme des lois fiscales introduites par l'occupant*

Dépôt: 18.09.2014 par M. Marc Faramelli

*Demande de pétition publique n°437 pour le maintien de la liberté absolue des partis politiques d'établir leur liste électorale*

Dépôt: 18.09.2014 par M. Philippe Meyers

*Demande de pétition publique n°438 für die Kastrations-, Sterilisations- und Kennzeichnungspflicht der Katzen*

Dépôt: 22.09.2014 par M. Sacha André

*Demande de pétition publique n°439 - Eng 100% ofgeséichert, fair, transparent & éierlech «Kandidate-Wahl» per Internet a keng regroupéiert «Partei-Wahl» pro Wahlbüro*

Dépôt: 26.09.2014 par M. Jean Krier

*Pétition n°440 - Loi du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques*

Dépôt: 29.09.2014 par M. Vic Fischbach

*Pétition n°441 fir de Choix*

Dépôt: 30.09.2014 par Mme Marcia Dechmann

*Pétition n°442 géint d'Ofschafung vum Reliouns-unterrecht zu Lëtzebuerg*

Dépôt: 30.09.2014 par Mme Noémie Marques

*Demande de pétition publique n°443 - Opléisung vun der Organisatioun «Schutz fir d'Kand»*

Dépôt: 30.09.2014 par M. Marc List

*Pétition n°444 - PAP «Les Étags» dans le lotissement «Vor Howent» à Mondorf-les-Bains - Procédures d'approbation, de réclamation et d'autorisation pour construire*

Dépôt: 01.10.2014 par M. Jos Kiefer

*Demande de pétition publique n°445 gegen die Legalisierung von Cannabis / contre la légalisation du cannabis*

Dépôt: 03.10.2014 par M. Felix Reding

*Demande de pétition publique n°446 - Instauration d'un régime matrimonial polygamique*

Dépôt: 05.10.2014 par M. Manfred Reinertz

*Demande de pétition publique n°447 fir eng Reform vum Punktesystem beim Führerschäin (kee Cumul vun de Punkten)*

Dépôt: 05.10.2014 par M. Georges Goedert

*Demande de pétition publique n°448 - La question épineuse du secteur des taxis: la loi qui règne c'est la loi du plus fort, pas la loi de l'État*

Dépôt: 05.10.2014 par M. Constantin Cristache; Association: Les exploitants d'un service de taxis sur le territoire du Luxembourg

*Demande de pétition publique n°449 géint d'Ofschafe vun der Allocation d'éducation/de maternité*

Dépôt: 09.10.2014 par Mme Julie Alaert

*Demande de pétition publique n°450 - Nee zu de Spuermooosnahmen an der Familjepolitik*

Dépôt: 10.10.2014 par Mme Stéphanie Hanff

*Demande de pétition publique n°451 - Nee Merci zum Ofschafe vun der Allocation d'éducation an der Allocation de maternité*

Dépôt: 10.10.2014 par M. Serge Scheitler

5) Conformément à l'article 168.-(5) du Règlement de la Chambre des Députés, la Conférence des Présidents, en l'absence d'une séance publique en temps utile pour respecter le délai de huit semaines, a décidé à l'unanimité de l'envoi d'un avis politique sur le document COM(2014) 344 - proposition de directive du Parlement européen et du Conseil relative à la diffusion de données satellitaires d'observation de la Terre à des fins commerciales.

6) La Commission juridique a constitué une Sous-commission «Création d'un droit européen des contrats pour les consommateurs et les entreprises» composée de M. Léon Gloden, M. Franz Fayot, M. Guy Arendt et Mme Viviane Loschetter.

7) M. Gérard Anzia remplace M. Claude Adam au sein de la Sous-commission «chargée de la préparation du débat d'orientation avec rapport sur l'orientation politique ainsi que le cadre d'action en matière de climat et d'énergie».

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

## 13. 6705 - Proposition de loi ayant pour objet d'interdire la dissimulation du visage dans l'espace public et de compléter certaines dispositions du Code pénal

### Déclaration de recevabilité

Da proposéiere mer, fir d'Proposition de loi ayant pour objet d'interdire la dissimulation du visage dans l'espace public et de compléter certaines dispositions du Code pénal als recevabel ze erklären. Schléisst d'Chamber sech där Proposition un?

### (Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

## 14. Ordre du jour

Da wëll ech lech erspueren, de ganzen Ordre du jour fir déi nächst Deeg nach eng Kéier virzeliesen. Et huet jiddwereen deen zougestallt kritt. An ech wollt lech froen, ob Dir mat deem Ordre du jour d'accord sidd.

### (Assentiment)

Da soen ech lech villmools Merci a mir géifen dann zu eisem nächste Punkt iwwergoen, dat ass déi vill erwaarten Deklaratioun vum Här Premierminister zu der allgemenger Situatioun haut an dem Budget nouvelle génération 2015.

Den Här Statsminister huet d'Wuert.

## 15. Déclaration de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, sur les grandes orientations politiques du Gouvernement et les grandes lignes du paquet d'avenir («Zukunftspak»)

► **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären! „D'Regierung ass fest décidéiert, d'Gesamtstatsfinanzen à terme ze équilibréieren an de Marsch an d'onkontrolléiert Statsverschëldung matzäit ze stoppen. Mir dierfen der nächster Generatioun keng Chargen operleeën, déi se net packe kann. Mir dierfe keng Generatioun vu Scholdemécher ginn; déi Jonk dierfen och keng «génération remboursante» ginn.“

Dat, Här President, ass d'Meenung vun der Regierung. Dat ass eng Ausso, déi och richtig ass. Ech muss lech just soen, dass se net vu mir ass. Si ass en Extrait aus der Ried zur Lag vun der

Natioun vum Jean-Claude Juncker am Joer 2009.

Viru fënnef Joer also huet d'Regierung déi richtig Konklusione gezunn an och déi richtig Ziler gesat. D'Resultat ass bekannt: Am Joer 2009 louch d'Statsschold bei ronn fënnef an eng hallef Milliarden Euro, zejoert waren et ronn eelef Milliarden Euro. No der Absichtserklärung vum Jean-Claude Juncker am Joer 2009 huet sech d'Statsschold also méi wéi verduebelt!

Dofir soen ech et haut, fënnef Joer méi spéit, nach eemol: Mir müssen d'Statfinanzen an de Grëff kréien! Dës Kéier seet d'Regierung dat awer net nëmmen, mä mir maachen et och! Mir müssen ophalen, eng Generatioun vun de Scholdemécher ze sinn, déi Jonk dierfe keng «génération remboursante» ginn. Dat ass wouer fir d'Statfinanzen, dat ass awer och wouer, wann et ëm eis Émwelt geet, ëm eis Loftqualitéit an ëm eist Drénkwaasser. Et ass och wouer, wann et ëm den Erhalt vun der Stabilitéit an eisem Sozialsystem geet.

Responsabilitéit limitéiert sech net drop, déi richtig Analysen ze maachen, mä d'Responsabilitéit ass méi: Et heescht handelen, politesche Courage beweisen an Décisiounen huelen, och wa se schwéier oder onpopulär sinn.

Et ass elo héich Zäit, fir beim Budget 2015 déi néideg Korrekture virzehuelen. Mir kënnen ganz bestëmmt net alles an engem Joer, an engem Budget ëmdréinen. Den éischte Schratt awer muss haut geschéien! An dee Schratt ass den Ufank vun engem Wee, fir nei Perspektiven ze schafen.

Erlaabt mer, a kuerze Wierder de Point ze maachen, wou mer haut stinn: D'Land ass enorm gewuess. An de leschten zéng Joer ass d'Populatioun ëm ronn 100.000 Awunner an d'Luucht gaangen. D'Zuel vun de Leit, déi all Dag bei eis schaffe kommen, ass och stänneg geklommen, esou dass haut 60.000 méi Frontalieren all Dag iwwert d'Grenze komme wéi virun zéng Joer.

Et muss eis bewusst ginn, dass Lëtzebuerg sech an deene leschte Jore staark entwéckelt huet an domadder d'Erausforderungen an alle Beräicher och méi grouss gi sinn. Op eise Stroossen, an eisem éffentlechen Transport, an de Büroen, an de Schoulen, Geschäfte, Restauranten an Haiser sinn haut 160.000 méi Leit wéi virun zéng Joer.

An deemselwechten Zäitraum ass eis Ekonomie éischer bescheide gewuess. Eis Statsschold ass awer explodéiert: vu knapp 1,7 Milliarden am Joer 2004 op iwwer eelef Milliarden am Joer 2013! Dat ass keng abstrakt Zuel. Dat si reell Suen, déi de Stat an der Kräid steet a fir déi mir eleng d'lescht Joer iwwer 200 Milliounen Euro Zënse bezuelt hunn. Jo, 200 Milliounen Euro Zënse bezuelt hunn!

Eis Statsschold louch am Joer 2004 bei ronn 870 Euro pro Awunner. Haut kommen op all Awunner, op jiddwereen Eenzele 14.000 Euro! Jiddwereen, egal wéi jonk, wéi al, wéi kleng oder wéi grouss, jiddwereen dréit den Ament eng Statsschold vu 14.000 Euro.

Dat ass d'Realitéit. Dat ass keng Floskel, mä eng Tatsaach, wann ech soen, dass mer déi lescht Joren iwwer eis Verhältnissen gelieft hunn. An obschonns vill Suen aus der Keess erausgaange sinn, a méi wéi der erakommen, sinn noutwendeg Investitiounen vernoléisseg ginn.

Ech fannen et jiddefalls net normal, dass mer eng Strof vun zwou Milliounen Euro bezuelt hunn, plus all Dag 2.000 Euro (veuillez lire: 2.800 Euro) op Bréissel müssen iwwerweisen, well eis Kläranlagen net de Standards entsprechen. Bis 2018 hu mer iwwer sechs Milliounen bezuelt, just well wichteg Investitiounen am Beräich vun der Waasserqualitéit verschleeft goufen. Dat ass en irresponsabelen Émgang mat der Émwelt an och gradesou en irresponsabelen Émgang mat de Statsfinanzen.

Dat nächst Joer géif et dramatesch ausgesinn, wann een alles géif weider lafe loossen, wéi dat leider laang de Fall war. Duerch d'Ewechfale vum Commerce électronique feelen iwwer 700 Milliounen op der Recettësäit. Dat ass zanter siwe Joer gewosst - net zanter gëschter! -, siwe Joer, wou keen d'Responsabilitéit geholl huet an näscht ënnerrholl gouf, fir dat Lach ze stoppen.

Iwwer 700 Milliounen pro Joer manner fir sozial Leeschtungen ze bezuelen, fir de Gesondheitsystem ze finanzéieren, fir an der Recherche ze investéieren, fir Schoulen, Stroossen a Schinnen ze bauen. 700 Milliounen Euro, dat entsprécht praktesch zéng neie Lycéeën, wéi mer een am Kanton Clief wëlle bauen. An dat, wéi gesot, all Joer! Zéng nei Lycéeën all Joer, déi mer hätte baue kënnen!

Dat ass d'Realitéit. Mir hu vun 2015 un iwwer 700 Milliounen Euro manner an der Keess. Et gouf an der Vergaangenheet awer näscht gemach, fir dat opzefänken - am Contraire! Mat enger Recette, vun där ee wousst, dass se zäitlech limitéiert ass, goufe sech Ausgabe ge-

leescht, déi net zäitlech limitéiert sinn.

Fir en Deel vun deem ze kompenséieren, wat hei all Joer op der Recettësäit feelt, huet d'Regierung elo missen déi eenzel TVA-Tauxen an d'Luucht setzen. Dat bréngt eis zousätzlech Recetten, huet awer e limitéierten Impakt op den Alldag vun de Leit: Zwéi Drëttel vun de Wueren, déi een all Dag am Supermarché keeft, bleiwen an deem superreduzierten Taux vun 3%.

D'Regierung ass doriwwer eraus och amgaang, eng déif gräifend Steuerreform ze preparéieren, fir de Mëtzelstandsbockel ofzebauen. Déi Steuerreform orientéiert sech nom Prinzip vun der Gerechtegkeet fir d'Ménagen an der Kompetitivitéit vun eise Betriber.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an de leschte Joren ass en Defizit am Budget mat Scholde kompenséiert ginn. D'Rechnung gouf einfach un déi nächst Generatiounen weidergereicht.

D'Regierung ass ugetruede mat der Absicht, deem entgéintzewirken an d'Schéier tëschent Ausgaben a Recettë lues awer sécher zouze-maachen. Dat mécht een net aus Freed um Spueren. Et geet ganz einfach net anescht!

Mir hunn eng Responsabilitéit, déi wäit iwwert de Budget 2015 erausgeet an déi sech och net op eng Legislaturperiod begrenzt. Mir allegueren droe Verantwortung, net nëmme fir eis selwer, mä och fir d'Generatiounen, déi no eis kommen. Et geet drëms, d'Zukunft ze preparéieren an nei Perspektiven ze schafen, nei Perspektive fir Lëtzebuerg.

An de leschte Wochen a Méint krut d'Regierung eng Rei Froe gestallt. Vertrieeder vun der Opposition, Journalisten an e sëllegen interesséiert Leit hu Ministère a Ministeren a Statssekretären ausgefrot. Dat ass legitim, verständlech an och novollzéibar.

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, Dir sidd als Vertrieeder vum Vollek verpflichtet, d'Regierung ze kontrolléieren an och ze hannerfroen. Dir sidd an Ärem Rôle an d'Regierung ass beméit, déi Froen och am Intérêt vun der Transparenz ze beäntweren. D'Press zu Lëtzebuerg mécht och hir Aarbecht gewëssenhaft a professionell. Et gëtt ee sech net zefridde mat Kommunikatioun an eng Richtung, mä et gëtt nogefrot, nogsicht an och nogeduecht.

Ech begrëssen dat ausdrécklech an ech freeë mech, an engem Land dierfen ze liewen, wou demokratesch Regele gëllen an och applizéiert ginn.

Déi lescht Méint huet d'Regierung awer dacks missen d'Effentlechkeet verträischten a soen, dass se näscht wäert soen. Dat net, well een net wollt kommunizéieren, mä well een net konnt, well et irresponsabel gewiescht wier!

Et gouf intensiv geschafft. Mir hu Gesetzesinitiative geholl, Projeten op de Wee bruecht, néideg Reforme goufe schonn ëmgesat, aner an d'Weeër geleet:

- De System vun de Studentebourse gouf reforméiert.

- D'Plans sectoriels goufen ausgeschafft an op de Wee bruecht.

- Mir hunn an enger Rekordzäit dat sougenannt „Omnibusgesetz“ déposiert. Dat huet e ganz groussen Impakt op d'Vereinfachung vun de Prozeduren.

- De Pacte Logement gouf reforméiert.

- Op gesellschaftspoliteschem Plang si wichteg Gesetzter gestëmmt ginn.

- Et gouf e komplett neit Gesetz iwwert de Fonctionnement vum Geheimdéngscht ausgeschafft etcetera, etcetera.

Donieft gouf awer och de Budget vun deem Joer (veuillez lire: vun 2014) amendéiert an déposiert, woubäi e Spuerreffort vun iwwer 230 Milliounen Euro konnt erreicht ginn. En zweete Budgetsprojert déposiert a kommentéiert de Finanzminister muer hei an der Chamber.

Am Kader vun der Opstellung vun deem Budget 2015 si Projeten, Mesuren a Programmer studéiert an analyséiert ginn. Et ass gepréift ginn, wat déi eventuell Répercussione si vun Entscheedungen, déi am Raum stoungen.

Et wär falsch gewiescht, fir public ze maachen, wat net sprochräif ass. Eng Regierung ka sech net erlaben, Mesuren ze annonciéieren an duerno ze mierken, dass se d'Strooss net halen. Décisiounen, déi op Regierungsniveau geholl ginn, changéieren d'Liewe vu ville Leit. Dat ass eng grouss Verantwortung, mat där een net liichtfankeg ëmgeet.

Mam Budget kënnen mer elo konkret Projeten, Mesuren a Programmer presentéieren an domat nei Diere fir d'Land opmaachen. Mir innovéieren an der Method an um Inhalt vun eiser Politik. Esou hu mer an de leschten zwéi Regierungsreit nieft dem Budget och eng Loi de